

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. August 2022

Här President,
esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bidden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister, d'Madamm Banneminister an un den Här Mëttelstandsminister weiderzeleeden.


Duerch hir Sanktiounspolitik géintiwwer Russland hunn sech déi westeuropäesch Staaten an eng Situatioun bruecht, déi dorop eraus leeft, datt si den Energiekonsum, inklusiv am Beräich vun der elektrescher Energie, an deenen nächste Méint wëlle staark reduzéieren. Dës Moosname betreffen also warscheinlech och d'Advents-an d'Chrëschtzäit.

Vill Leit freeën sech awer op déi festlech Beliichtung vun Enn November bis Ufank Januar. Fir d'Geschäftsleit ass et eng besonnesch wichteg Period, an där si hir Etablissementer och wëllen deementspreechend dekoréieren.

Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Mécht d'Regierung Drock op d'Gemengen, fir datt si d'Chrëschtdekoratiounen dëst Joer op öffentleche Plaze solle reduzéieren? Wëll d'Regierung déi staatlech Gebaier esou dekoréieren, wéi déi aner Joren?
2. Ass sécher gestallt, datt d'Regierung keen Drock op d'Geschäftsleit oder op Privatleit mécht, fir op Chrëschtdekoratiounen ze verzichten oder si ze reduzéieren?
3. Ass sécher gestallt, datt d'Chrëschtmäert kënnen esou fonctionéieren, wéi déi aner Joren och?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten